LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Pressedossier**

SPROOCHERONN.lu

# Online - a Biergerforen iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch

**22. Februar 2018**

# Online - a Biergerforen iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch

Eng vun de grousse Méiglechkeeten, Chancen an awer och Erausfuederunge vu Lëtzebuerg ass seng Méisproochegkeet: d'Niefteneen an d'Matenee vu méi Sproochen. Zentraalt Element vun dësem Sproochemix war an ass nach ëmmer d'Lëtzebuergescht – souwuel als Integratiounssprooch, wéi och als Kommunikatiounssprooch am Alldag.

## 1. D'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch : en Engagement vun der Regierung

Fir d'Férderung vum Lëtzebuergeschen huet d'Regierung an de leschte Joren aus bildungspolitescher Siicht vill Initiativen ergraff a Projeten ëmgesat, fir allgemeng der Nationalsprooch dee Stellewäert ze ginn, dee si am Kontext vun der Sproochendiskussioun verdéngt. Op ënnerschiddlechen Niveaue goufen an der Educatioun pädagogesch Moossname fir d'Léiere vum Lëtzebuergesche geholl.

Am Beräich vun der Erwuessenebildung ass d'Offer vu Lëtzebuergeschcourse reegelrecht explodéiert, wat ënnersträicht, datt d'Demande aus der Gesellschaft grouss ass. Donieft gëtt awer och am Beräich vun de Kanner a Jugendlechen am Schoulberäich d'Lëtzebuerger Sprooch konsequent geférdert, ënner anerem duerch:

- e spillerescht Eruntaaschten un d'Sprooch bei der Klengkanderzéiung an de Crèchen,
- d'Ausschaffe vu Materialie fir d'Lëtzebuergescht an der Grondschoul,
- der Offer vu fakultativen Orthographiecoursen am Enseignement secondaire,
- d'Implementéierung vum Lëtzebuergeschen als fest Sprooch am Curriculum vun den internationale Schoulen; dëst esouwuel um Niveau vum Fondamental, wéi och um Niveau vum Secondaire.

Net nëmmen am schoulesche Beräich huet d'Regierung Efforte gemaach, fir de Status vum Lëtzebuergesche weider opzewäerten a konsequent d'Férderung vun der Sprooch, kuerz- a virun allem laangfristeg, ze garantéieren.

- Am Mäerz 2017 huet d'Regierung e 40-Mesuren-Strategiepabeier presentéiert mat wichtege Pisten, déi am Beräich vum Lëtzebuergesche solle verwierklecht ginn.

- Donieft gouf mat der Orthographie-Campagne schreiwen.lu, ë. a. mat enger neier Brochure mat de wichtegste Reegelen, déi fir all Interesséierte gratis erhältlech ass, d'Lëtzebuerger Schrëftsprooch an der Gesellschaft promouvéiert.
- Am November 2017 huet d'Regierung e Gesetzprojet fir d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen op den Instanzewee bruecht, deen ë. a. d'Grënnung vun engem *Zentrum fir d'Lëtzebuergescht*, de Poste vun engem *Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch* an en *20-Joresplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch* virgesäit.

Dës Mesurë stellen awer nëmmen den éischte Schrëtt vun der Regierungsstrategie duer. Nieft dëse politesche Propose sollen elo an engem zweete Schrëtt all d'Bierger aus dem Land, Lëtzebuerger wéi Net-Lëtzebuerger, d'Méiglechkeet kréien, hir Léisungs- a Verbesserungsvirschléi virzedroen: dëst am Kader vun de *Sproocheronnen.*

## 2. D'Sproocheronnen, eng nei Form vu Biergerbedeelegung

D'Sproocheronne sinn eng nei Form vun engem partizipative Prozess. Se ginn all Awunner aus dem Land d'Méiglechkeet, sech aktiv fir d'Entwécklung vun der Lëtzebuerger Sprooch anzesetzen. Grad dann, wa vill verschidde Meenungen existéieren an openeentreffen.

Dëst op 2 Aart a Weisen:

- Tëschent dem 27. Februar an dem 20. Mäerz 2018 ginn op 4 Plazen am Land Biergerforen organiséiert : an der Stad Lëtzebuerg, zu Esch-Uelzecht, zu Munneref an zu Dikrech.
- D'Bierger kënne während der gesamter Zäit vun der Campagne och an dem Online-Forum www.sproocheronn.lu aktiv ginn, fir sech mat anere Matbierger auszetauschen.

Wann alleguer d'Thematiken, souwuel online wéi och an de Biergerforen, ausdiskutéiert goufen, ginn déi zeréckbehale Proposen a Léisungsvirschléi ausformuléiert an zu engem Biergerprogramm zesummegesat.

De Biergerprogramm vereenegt domat staatlech a biergerlech Iddien a Proposen. Dëse Biergerprogramm wäert dann offiziell virgestallt an dem Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch iwwerreecht ginn, fir e mat an den 20-Joresplang iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch afléissen ze loossen.

Zousätzlech gëtt am Virfeld vun de Sproocheronnen eng TNS-ILRES-Etude mat 1000 Persoune gemaach. D'Resultater dovu fléissen och an den 20-Joresplang mat an.

## 3. Wat mengt dir ? : 4 Biergerforen uechter d'Land

Déi 4 Biergerforen sinn a Präsenz vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an dem Staatssekretär fir Kultur, Guy Arendt :

- Dënsdes, 27. Februar 2018 am Forum Geesseknäppchen, Stad Lëtzebuerg
- Donneschdes, den 8. Mäerz 2018 an der Kulturfabrik, Esch-Uelzecht
- Donneschdes, de 15. Mäerz 2018 am Bierger- a Kulturhaus, Munneref
- Dënsdes, den 20. Mäerz 2018 an der Aler Seeërei, Dikrech

**Programm**

| | |
|---|---|
| 19.00-19.30 Auer | Aféierung vum Educatiounsminister Claude Meisch |
| 19.30-20.30 Auer | 3x20 Minutten Diskussioun iwwer bestëmmten Theme ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch<br>○ (mat) Lëtzebuergesch léieren<br>○ (mat) Lëtzebuergesch schaffen<br>○ (mat) Lëtzebuergesch liewen<br>Beim World Café-Format ginn d'Leit duerch de Sall a bleiwe bei den Theme stoen, déi si interesséieren. Zesumme mat Experten, déi als Moderatore fungéieren, ginn d'Iddien ausdiskutéiert an opgeschriwwen. |
| 20.30-21.00 Auer | Virstellung vun de Proposen am Plenum an Echange mam Educatiounsminister Claude Meisch |
| 21.00 Auer | Ofschlosspatt mat Méiglechkeet zur Verdéiwung vu bestëmmten Themen |

Déi 4 Biergerfore sinn op Lëtzebuergesch a gi mat Simultaniwwersetzungen op Franséisch ugebueden, fir datt keng sproochlech Barrièrë virkomme sollen. De 27. Februar gëtt am Forum Geesseknäppchen zousätzlech eng Iwwersetzung op Englesch ugebueden. Jiddereen huet eng Meenung an all Meenung zielt.

## 4. Och de Jonken hir Meenung zielt: de Jugendforum

Och déi Jonk kréien d'Geleeënheet, aktiv un der Entwécklung an eiser Gesellschaft deelzehuelen an iwwert hir Meenung zu de Rollen, de Chancen an de Perspektive vum Lëtzebuergeschen ze diskutéieren. E spezielle Jugendforum gëtt Dënschdes, de 27. Februar 2018 vu 16.00 bis 18.00 Auer am Forum Geesseknäppchen organiséiert, an Zesummenaarbecht mam Zentrum fir politesch Bildung.

## 5. En Online-Forum fir e konstruktiven Echange

Vum 20. Februar bis den 31. Mäerz kënnen interesséiert Bierger och an dem Online-Forum www.sproocheronn.lu aktiv ginn a sech mat anere Matbierger austauschen. Hei kënne si op verschidde Manéieren iwwert d'Sproochesituatioun ronderëm d'Lëtzebuergescht debattéieren.

Jidderee ka sech op www.sproocheronn.lu registréieren an dann aloggen. D'Informatiounen um Site sinn op Lëtzebuergesch, Franséisch an Englesch accessibel. D'Häerzstéck vum Site ass den Onlineforum, deen an déi 3 Themen (léieren, schaffen, liewen) agedeelt ass, déi och op de Biergerforen diskutéiert ginn.

Hei kënnen d'Bierger sech an déi verschidde Foren eraklicken, sech alles ukucken, Meenungen ausdrécken, op aner Commentairë reagéieren a Propose liken. Et soll en interessanten an intensiven Echange entstoen. Awer alles am Sënn vun der Förderung vun der Lëtzebuerger Sprooch an am Kader vun enger passender Netiquette.